

# Ipp dipp dapp und du bist ab

Spiller a fräi Zäit

Wann d'Schoul aus war, waren d'Kanner frou, fir ze lafen an ze spillen. Domat hunn se dacks schonn um Heemwee ugefaangen.

# Spiller um Schoulwee

Den normale Wee iwwer d'Strooss vum Äppelwee bis op Hamm an d'Schoul war net änner enger hallwer Stonn ze packen. Wat hu mer ons net alles u Wonnermëttel erduecht, wéi Rieder ënnert de Féiss ze hunn, fir dee Wee, deen ons bal onendlech laang geschéngt huet, flott a méi séier ze meeschteren. Meng Cousine Maria huet gedreemt op „Adlers Fittichen" gedroen ze ginn, wéi et gekeimt huet: „Wär ech e Kueb, da kënnt ech am Nu bis iwwer an d'Schoul fléien!" Vun do un, gouf hatt net méi anescht genannt wéi „de Kiebchen".



De Koseng Johny mat der Trottinette virum Schräineratelier an dem Haus vun der Famill Dumont zu Hamm. Donieft de Koseng Henri an d'Cousine Maria Odem, de „Kiebchen"



No der Schoul huet onse wäite Réckwee zu alle Joreszäiten eng Hellewull vun ofwiesslungsräichen Attraktioune gebueden. Am Fréijoer, déi wäiss Muttergottesblummen, Margréidercher, Botterblummen a Wibbeldewapp plécken, Bierkewaasser un de Bierkewuerzelen zapen, Schleeke sammelen a Kiewerleke fänken.

Am Summer, beim Fetschebur am Äppelwee Kauzekäpp triwwelen, an den héije Fruuchtfelder Stëppches spillen an no der rarer, mofer „Kornrad" sichen, Kränz mat de bloe Karblumme flechten, Hambier a Kréischelen aus frieme Gäert stibitzen, Weesskäre knabberen, Waasserhénkelcher bei der Uelzecht erschrecken, Harespelsnäschter stëppelen.

Am Hierscht, Käschte sammelen, Bëschchampignone sichen, Kanéngerchersfale stellen, Zockerrommelen ubäissen. Am Wanter, um Hämmerpull schläichen, déif Schnéiwicke mat plakege Knéien, déi mat Stauferfett géint d'Keelt ageriwwe waren, zerträppelen, an de Schnéi Messagë schreiwen a Schnéiballschluechte maachen.



Déi Hämmer Kanner hu sech vill Spiller ausgeduecht

A wa mir mëttes ze laang getrentelt haten, d'Iesse schonn um Dësch stoung, de Papp dofir d'Gedold verluer hat an ons gepaff huet, da wousste mer, datt et héich Zäit wier, ons fir déi lescht honnert Meter ze tommelen, fir net den Hënneschten ersielt ze kréien.

D'Eisebunn, déi souwéisou op dem Schoulwee louch, war och eng interessant Spillplaz. Fir d'éischt hu mir gekuckt, op d'Loft fräi war an dee strenge Bunnemeeschter, den „décken Decker", net an der Géigend war, wa mir, aplaz gebéckt ënnert der Bunn duerch d'Waassergargull (e klengen Tunnel), iwwer d'Gleiser gelaf sinn. Dat huet ons e wäiten Ëmwee iwwer d'Barrière erspuert. Esouguer meng Mamm ass eng Kéier sonndes muerges fir an d'Fréimass mat mir iwwer d'Bunn gelaf an am Schnéi déi ganz géi Pied erof an erop geknéchelt, fir nach zur Zäit an d'Kierch ze kommen.

Laanscht d'Bunn ware Fielsen, gedeeft op „Ölberg" a „Kalvarieberg", op deene mir extra gutt eleng konnte sinn. Op enger vun deene Fielsköppercher hat ech eng eenzeg „Kuhschelle", op lëtzebuergesch „Däiwelsbaart", entdeckt: méi wéi eng landwäit Raritéit! Mäi Brudder Théo, dee besonnesch un der Planzewelt interesséiert war, hat eng Planz un de Fielsen entdeckt, déi seng Biologiesprofesseren Hoffmann an Hoffmann („Poldy" a „Fixspoun") no Inspektioun op der Plaz, als nei an eenzegaarteg Planz am ganze Land klasséiert hunn.

Direkt niewent de Gleiser hu mer och emol e spektakuläert Feier am Schacht vum Tunnelausgank gemaach, mat Karton, dierem Gras an Holz, och eemol mat engem Autospneu.

Op de Schinnen hu mir Gläichgewiichtsübunge gemaach, mam Ouer op de Schinne gelauschtert, op en Zuch op der Streck kënnt sinn, eng Schlak op d'Gleis geluecht, déi vum Zuch zermuelt gouf an et dann no Schwiewel geroch huet, eng Spéngel op d'Gleis geluecht, déi nom Passage vum Zuch als Intarsie mam Schinnestol verwuess war. Koum en Zuch, hu mir ons op d'Säit verzunn, fir datt de Lokomotivführer ons net sollt gesinn. Zwëschen de Fielse beim Passage vun engem onerwaarten Zuch iwwerrascht, hu mer ons fest widder de Fiels gepresst an de „Feierwon" laanscht brause gelooss. Et huet ons gekriwwelt, fir ons emol eng Kéier zwëschen d'Gleiser ze leeën an den Zuch iwwer ons dauschen ze loossen. Mir haten awer ni de Courage fir et ze maachen.

***Ferdy Dumont vun Elleng,***
***Joergank 1932, erzielt vu***
***senger Kandheet zu Hamm***





# An der Schmëdd

Tëschent dem Hierzegsbierg an der Kierch ass d'Nei Gaass. Dat éischt Haus lénks war en Huttgeschäft, eng Modistin, d'Louise, dem Schmadd seng Fra. Véier Kanner, d'Geschäft an de Stot. Si huet seiden a samette Pitschelcher op hir Hitt am Buttek geknetzelt.

Hire Mann, de Schmadd, huet mam schwéieren Hummer op den Amboss geknuppt an d'Päerd beschlo. Virun der Schmëdd stung den Noutstall, fest am Buedem abetonnéiert, eng Festung. Zwéi Liederrimmen hunn an eisene Ketten drugehaangen, fir d'Päerd ënner dem Bauch ze halen. Wann dat gliddegt Eisen op de Fouss geschloe gouf, huet den Huff gestonk, an dat net ze knapps. D'Päerd huet ëm sech geschloen a mir hunn e groussen Ëmwee gemaach.

Duerno awer, wann am Noutstall d'Rimmer hänkebliwwe sinn, da woare mir un der Rei. D'Schoulsäck an den Eck gehäit an mir hu geschaukelt a gestridden. Et konnt keen es genuch kréien. Doheem si mir net gutt empfaange ginn. Eis Mamm huet et schonns geroch, mir haten d'Dier kaum op. Dat woar wéi Kiermes, an et huet näischt kascht!

***Andrée Hansen-Rhein vu Bous,***
***Joergank 1932, erzielt***
***vun hirer Kandheet zu Réimech***

# Jick a Jick ass zwäerlä

Wann d'Weeder am Fréijor besser a méi dréche ginn ass, gouf mat de Jicke gespillt. Meng éischt Jicke waren aus gebakenem Läm. Si ware méi kleng a méi liicht wéi déi gläsen. Mir ho bei der Foxens viraon der Buttiksfeenster op de Plättercher gespillt; do war et schéi riicht, an d'Granatsplitter haten e paor Lächer dra geschloen: eng ideal Plaz, fir op d'Kailchen ze spillen.

Den Alphonse war de beste Jickespiller von der Gaassebréck bis an d'Elsaass. Ech hat nach ni engt Spil géint hä gewonnen. Dat hott mer gewurremt. A wéi solls de dä kréien? Ech ho mat alem Knätschgummi, dä mer von den Amerikaner krit haten, kleng Bulle gedréint an se du gutt dréchene gelooss. Bei menger nächster Partie géint den Alphonse koumen déi Attrappen an den Asaz. Wéi gewéinlich honn ech eng Partie no deer annerer verloren a mäin Asaz ass Bull fir Bull am Alphonse senger Boxentäsch verschwonnen. Wéi de Knätsch eewer no enger Zäitchen aogefongen hott, waorem a peschig ze ginn, honn ech mech aus dem Stëbs gemaach. Well och am Duell war den Alphonse, obschonns e Kapp méi kleng wéi ech, mer haushéich iwwerleeën.

***Joss Scheer vu Wooltz, Joergank 1939***

Déi Kleng waren natierlech traureg, wann déi Grouss se net matspille geloss hunn.

# Eleng

An eiser Strooss woaren där Kanner vill,
ma keent vun alle wollt mech beim Spill:
déi eng ze grouss,
déi aner ze kleng
an ech, ech woar eleng.

Wéi ech an d'Schoul si gaangen,
de Wee, et woar e laangen,
zu Fouss mam Sak om Réck,
zweemol hin an zweemol zréck.
Ech hu gefoart, et woar mir baang,
wie sollt de Wee och mat mir man?
Déi eng ze grouss,
déi aner ze kleng
an ech, ech woar eleng.

Am Schoulhaff si mir gesprong,
mir hate Freed an hu gesong.
De Wanter wéi et huet geschneit,
hu mir is all mat Schnéi geheit.
Du koumen déi Grouss,
wou sinn di aner blouss?
Ech hu gezéckt a koum net mat,
si koume méi no,
kee woar méi do!
Si hu gelaacht, ech hu gefoart,
si hu mech ageseeft mat Schnéi
a wäit a breet keng Hëllef méi!

Dat woaren déi Grouss,
An ech woar kleng
An ech woar, wéi ëmmer eleng.

***Simone Rosen-Bonenberger***



Déi eng hunn sech eleng ëm hir Trottinette gekëmmert ...





D'Kanner si stonnelaang dobausse gelaf an hunn zesumme gespillt.

# Eis Regelen hu mir selwer gemaach



... déi aner hunn e Komerod fir ze spille fonnt

Mir haten net vill. Eng Haaptbeschäftegung fir d'Jonge war de Reef. Dat war eng al Felg vun engem Vëlo. Mat engem Bengel hu mer de Reef esou virugejummt a sinn domat duerch d'ganzt Duerf gelaf an dat stonnelaang.

Mir hunn och ganz vill mat Jicke gespillt. Mir haten där äerdener, keng esou schéin aus Glas. Nom Krich hate mer der aus Stol, déi aus engem Kugellager waren. Déi waren da vill méi wäert wéi déi aner.

Eppes wat och vill gespillt ginn ass, dat war „Völkerball". Een, zwee oder dräi Kanner sinn an d'Mëtt gestallt ginn. Déi aner stongen op der Säit an enger Rei an hunn op déi an der Mëtt geschoss. Wie getraff ginn ass war eraus. Wann ee vun deenen an der Mëtt awer de Ball opgefaang krut, dann huet deen, dee geschoss hat, mussen an d'Mëtt kommen. Wéi ganz genau d'Regele waren, weess ech net. Ech mengen d'Kanner hunn och hir Regelen esou gemaach, wéi et sech erginn huet.

***Théo Pletschette vun Ettelbréck, Joergank 1937, erzielt vu senger Kandheet zu Wahl***

Dobäi ass et dacks méi haart hiergaangen...

# D'Nopere waren net begeeschtert



De Paul Wallers um Schlitt an der Avenue Salentiny zu Ettelbréck, 1941

Mir hate Rollschong mat bleche Rieder, déi e schreckleche Kaméidi gemaach hunn. Doriwwer waren d'Nopere guer net begeeschtert, wa mir een hannert deem aneren domat biergof iwwert den Trottoir gerannt sinn.

Ons Jickse fir am Sand ze spille waren net, wéi haut, aus Glas. Et ware stole Kugelen, déi mir vun engem Mecanicien geschenkt kruten.

Mäi Papp hat ons eng Schleider aus engem klengen Aascht gemaach. Op all Säit war e breet Liederstéck befestegt mat engem Lastik derduerch. Do huet een e Steen an d'Mëtt gemaach, ugezunn an da fléie gelooss. Domat hu mir op eidel Béckse geschoss, déi mer op d'Mauer an eng Rei gestallt hunn. Et war eng Freed, wann déi erofgeflu sinn an dobäi gutt gerabbelt hunn.

***Paul Wallers vu Fenteng, Joergank 1933, erzielt vu senger Kandheet zu Ettelbréck***

... an et goufe Lausbouwegkeete gedriwwen.

# Spiichte mat der Schell

Am Schoulhaff, donneschdes mëttes hunn zwéi Bridder sech mat hirem Hond ameséiert. 't woar e klenge Baaschtert, deen net midd ginn ass mat Sprangen an Apportéieren. Di zwéi Bouwen haten es op eemol awer genuch an hunn iwwerluet, wat se nach kënnten ënnerhuelen.

Du hat deen een eng Iddi. Obwuel keen dohier woar, huet e gepëspert, deen aneren huet begeeschtert gewénkt.

D'Schwësterenhaus, vis-à-vis, hat eng Schell, déi woar sou al wéi d'Haus, an se hat eng Zéi.

De Bouf hëlt eng Ficelle aus der Täsch a mécht dem Flocki se um Halsband fest. Du geet e mam Hond bei d'Schwësterenhaus, stréckt dat anert Enn vun der Schnouer un d'Schell a leeft fort. De Mupp wëllt no an d'Schell huet wéi wëll gebimmelt. D'Schwëster mécht d'Dier op, de Flocki mécht Männchen: elo gëtt et eppes!

D'Nënnche kuckt no rechts, no lénks, kuckt de Mupp: „Maach dass du ewech kënns", a mécht d'Dier zou. Den Héndche wëllt fort, 't schellt, d'Dier geet op...

Hannert der Heck halen di zwéi Lausbouwen sech de Bauch vu Laachen.



D'Simone Bonenberger a säi Brudder hu vill dobausse gespillt

***Simone Bonenberger vu Réimech, Joergank 1938***

Och am Wanter gouf dobausse gespillt. Da goufen et naass Féiss a kal Fanger.

# Den éischte Schnéi

Et huet eng ganzeg Nuet geschneit,
’t ass alles wäiss wat ee gesäit.
All Straischen huet seng Haifchen,
e Villche sicht nom Fudderhaischen.
De Mётteg gi mir net an d’Schoul,
wou ass de Schlitt, wou ass meng Moul?

Kaum de Läffel aus der Hand,
all si se ausser Rand a Band.
Si zéie lass, eidel ass d’Gaass.
Um Feld geheien se mat Schnéi,
au, du Hännes, dees mir wéi!
A scho geet lass eng batter Schlacht.

Di Grouss, déi maachen sech ewech:
Dat do dat ass dach näischt fir mech!
Si zéie flott de Bierg erop,
déi éischt, déi sause schonn erof.
Si spieren och keng Middegkeet,
bis eemol d’Sonn schonn ënnergeet.

„Lo gëtt et kal, kënns du da bal!“

D’Schong sinn naass,
An d’Strëmp si fiicht.
Ech hunn den Neelchen an de Fanger,
a meng Féiss, déi si ganz klammer.

Wie geet mir meng Schlappe sichen?
Ech lafen an déi warem Kichen.
An d’Bomi, déi leet d’Stréck ewech,
well si jo weess, lo kommen ech.
Si hëlt mech gläich och an den Arem,
mir gëtt et ronderëm sou warem,
bréngt Mëllech mir
mat Hunneg an eng Schmier.
„Kand, du bass midd, du brauchs Rou.“
a lues falen d’Aen zou.

***Simone Rosen-Bonenberger***







Soubal Schnéi louch, waren d’Kanner net méi ze halen.
Ënne lénks, den Theo, d’Odile an de Ferdy Dumont um klengen Hiwwel am Äppelwee zu Hamm. Ënne riets, de Ferdy op de Schi



Vun der Natur konnt ee vill léieren.

## Kauzekäpp

An der Kaul, do wou am Aofank vaom 20. Jorhonnert engt Sanatorium gebaut soollt ginn, ware schonn d'Weeër an d'Fonnementer erausgeholt ginn, an d'Grondmaueren erënneren nach hakt aon dëse Projet, deen ni realiséiert gouf.

An deem Eck gouf et een oder zwéin, zimlich flaach Weieren, eng geedelich Plaz fir d'Fräschen, déi do geläicht honn: si honn hirr Eeër laanst d'Waasserplanze gelaocht, wou se a Kludderen hänke blouwen, bis aus dem Ee déi butzig wibbelich Kauzekäppercher erausgekrabbelt sënn.

Wann et aon der Zäit war, datt déi Kleng ausgange sënn, se mer mat Dëppercher an d'Kaul gepilgert, fir déi kleng wibbelich Déiercher ze fänken a mat heem ze holen. D'Kaul war am Fong nik eisen Terrain, do waren déi vom Kuätschebeerig Mäster. Do hoss de scho misse gutt oppassen, datt déi nik grad an der Géigend waren.

Dohäm goufen déi bloschwaorz Déiercher an e Bokal gesat a wann d'Mamm es d'accord war, stungen se eng Zäitchen op der Kichefeenster a kruten all Dag Broutgrimmele gesträt. Déi aorem Déierche koonten eis jo och nik soen, datt se léiwer annere Kasst gehat hätten.

No en etlich Dee sënn de Kauzekäpp Bän aus dem Bauch gewaoss, fir d'éischt hannen, da vir. Da gouf et héich Zäit, fir se erëm hannischt bei d'Waasser ze bréngen. Op Aanischbaach, wou mir gewaont honn, sot d'Mamm, wirr et vill ze dréchen, fir datt d'Fräschen do leewe keenten. Ma an der Keel, do wou et an de Weelche gät, hat Konzelljes Charel am Eck bei de Beiejang zou e Weier gegraowe, wou d'Kéi drénke koonten. Do ho mer eis Bokaler ägdel gemät a gekuckt, wat déi nei Véierbänger dann elo maache gingen. An ech ho mich hämlich gefrot, ob d' Kauzekäpp aus der Kaul, déi elo an der Keel als Fräsche virao leewe soolten, sich och gutt do erëmfanne géifen.

***Joss Scheer vu Wooltz, Joergank 1939***





Ënner Geschwëster goufen d'Spillsaachen natierlech gedeelt.

## Eis Spiller a Spillsaachen

Meng Schwëster an ech haten 2 oder 3 Poppen, fir déi d'Mamm d'Kleeder gestréckt oder gebitzt hat, an eng Poppekutsch.

Mir haten och schonn e „Mensch ärgere Dich nicht". Da souze mir un eisem klengen Dësch fir dat ze spillen. Zwee Still waren derbäi, deen ee war aus zolittem Holz, deen anere war e Klappstull. Do kann ech mech erënneren, wéi ech mat menger Schwëster gestridden hunn, klappt dee Stull op eemol zou an huet mir d'Fangerkëppche gequëtscht. Du ass mäi Papp mat mir mam Tram bei den Dokter gefuer, dat huet jo zimlech laang gedauert.

Mir haten en Dräirad, eng Trottinette, Rollschong an och Schlittschong, mat deene mir op zougefruerene Wise laanscht d'Sauer gefuer sinn. Wéi ech den Opnahm-Examen fir op d'7e gepackt hat, hunn ech mäin éischte Vëlo kritt.

Mäi Brudder hat eng Buerg, déi säi Pätter him aus Holz gebaut hat.

Wa mir zesumme gespillt hunn, ass emol fir d'éischt ofgezielt ginn: „Ipp dipp dapf und du bist ab. Ab bist du noch lange nicht, sag mir erst wie alt du bist."

Dann hu mer e Kräiz mat e lauter Haisercher op de Buedem gezeechent. An dat éischt Haischen huet een e Stee gehäit, op engem Been huet ee missen doriwwer sprangen, uewen d'Kéier



huelen an nees erof. Duerno ass de Steen an dat zweet Haische gehäit ginn, asw. A wien et gepackt hat, duerch all déi Haisercher ze sprangen ouni de Steen ze beréieren, dee war gewonn. En huet de Steen opgeraf an ass erausgetréppelt.

Vun deene Lidder, déi mir gesongen hunn, kann ech mech nach un dës erënneren: Im Märzen der Bauer sein Rösslein einspannt, Léiwe Kleeschen, An der grousser Hellger Nuecht, Maikäfer flieg, Geet e Männchen d'Trap erop, Klingelingeling, bonjour Madame, do geet et eran.

***Nicole Jung-Wolfers vun Dikrech, Joergank 1939, erzielt vun hirer Kandheet zu Lëtzebuerg-Belair an Dikrech***





D'Nicole Jung-Wolfers als Bëbee 1940 a 4 Joer duerno mat hirer Mamm a Schwëster



























Well se net vill Spillgezei haten, hunn d'Kanner gutt op hir Saachen opgepasst. Wat futti war, ass gefléckt ginn.

## Heini

Nachkriegskinder, ganz besonders auf dem Dorf, hatten nicht viel Spielzeug. Deshalb besaßen sie so manche unschätzbare Kostbarkeit.

Eine jüdische Bekannte meiner Eltern hatte zu meinem ersten Geburtstag ein Eselchen aus Stoffresten für mich genäht. Das war Heini, der bei allen Spielen mithielt. Heini ging am Abend mit schlafen und stand morgens mit auf. Heini sagte, ob ich schön malte oder hatte Ideen beim Baukastenspielen. Er lag im Sand oder saß auf dem Küchenschrank. Heini schmeckte die Suppe und blies in zu heiße Milch. Kurz, Heini war allgegenwärtig. Doch, einmal sah ich, dass an der Schnauze Sägespäne herauskamen. Die Quaste am Schwanz sah auch ziemlich mitgenommen aus und ein Ohr saß etwas locker am Kopf. Ich zeigte ihn Großmutter. Sie untersuchte ihn und meinte: „Nun ja, er ist krank. Wenn man krank ist, muss man gepflegt werden. Lege ihn dahin in die Kiste neben dem Herd und decke ihn zu. Und dann gibst du auf ihn Acht. An seiner Krankheit bist du nicht unschuldig."

Da lag Heini nun in der Holzkiste, war in ein Tuch eingewickelt und musste versorgt und behütet werden. Es war zu der Zeit, als der Hoseker umging – und eines Morgens war Heini verschwunden.



„Der Hoseker hat ihn mitgenommen“, sagte Großmutter. „Wenn er gesund ist, kommt er wieder. Und du bist ruhig und wartest.“

Ich sah jeden Morgen in die Kiste, doch Heini war nicht da. Auch am Nikolaustag nicht. Es half kein Gegreine und keine Fragerei: Ich musste warten.

Dann, als die kleine Tanne Christbaum geworden war, saß er neben der Krippe. Mein Heini! Der Hoseker hatte ihn wirklich mit in die Werkstatt der Engel genommen. Er hatte nun ein Fell mit kleinen weißen Blumen, einen Schwanz mit einer dicken, schwarzen Quaste und kleine, schwarze Büschel an den Ohren.

Als ich mit den Kindern in der Pause spielte, hielt ich Heini im Arm. Die großen Mädchen bewunderten sein Blumenfell und ich sagte: „Wenn er das nächste Mal in die Engelsklinik geht, bekommt er ein Fell mit roten Rosen.“ Die Mädchen kicherten, doch es geschah so. Als der Hoseker ihn im folgenden Jahr mitnahm, und das Christkind ihn wiederbrachte, hatte er tatsächlich ein Fell mit roten Rosen...

***Mariette Leuck vun Eeseber, Joergank 1943, bei hire Grousselteren zu Blaaschent***

## Mir hate schéi Spillsaachen

Ech hat en aalt Poppebettchen, dat vu mengem Urgrousspapp gezammert gi war. Am Bettche louch eng Popp, de Kapp aus Porzeläin, blond krauseleg Hoar, d’Ae sinn op an zou gaang. Ass se opgehuewe ginn, huet se Mama geruff. Si hat e bloe, seidene Rack un, schwaarz, blénkeg Toile-cirés-Schong mat engem Knäppchen op der Säit an eng Ënnerbox mat Rüschen. E wierklech wonnerbart Stéck. Eise Papp huet se Maia-Julie genannt, a konnt is domat op d’Palm bréngen. Maisy, Medi oder Tessi, dat woaren Nimm, awer net Maia-Julie.

Du hu mer Poppekutsche mat Spëtzegedecks kritt, esou grouss, mir hu se bal net gepackt. De Wanter stunge se um Späicher, gutt verpaakt. Am Summer duerfte mir dobaussen dermat spillen, awer nëmme wann d’Mamm Zäit hat, fir opzepassen.

Du hu mer eng Klunsch kritt, op all Säit e Sëtz, duerch d’Mëtt Brieder, fir d’Féiss dropzesetzen. Awer meng Schwëster woar iwwer zwee Joar méi al wéi ech a méi schwéier, an dofir huet et net esou richteg geklappt. D’Kanner vu ronderëm si schaukele komm an hate vill Freed derbäi!

***Andrée Hansen-Rhein vu Bous, Joergank 1932, erzielt vun hirer Kandheet zu Réimech***



A wann een eppes Neies wollt, huet ee sech et gemaach.

## Pappa, zeechen eis eng Millchen

„Da bréngt mir emol e Kartong an e Lineal“, sot eise Papp, e Bläistëft hat en ëmmer an der Täsch vu senger wäisser Schipp. Ech hunn op der Kréibänk einfach en Deckel vun enger Schongkëscht erofgeholl a mäi Brudder koum mat engem Lineal aus sengem Schoulsak.

Déi Zäit, wou de Papp gezeechent huet, hunn ech an der Knäppkëscht rumouert. An all Haus woar eng Knäppkëscht, ’t ass jo näischt ewechgehäit ginn, wat een nach gebrauche konnt. Wann e Kleedungsstéck oder soss en Artikel net méi gutt woar, sinn d’Knäpp erofgeschnidde ginn an an der Knäppkëscht gelant. 9 wäiss an 9 schwaarz Knäpp hunn et musse sinn, wa méiglech an enger Gréisst. Wéi ech se all zesummen hat, woar d’Millche gläich fäerdeg a mir konnte spillen.

„Wou ass dann den Deckel vun där Schongkëscht?“ D’Mamm huet net brauche laang ze sichen!

***Simone Bonenberger vu Réimech, Joergank 1938***



D'Saachen hunn och missen eppes aushalen.

# Unzerbrechlich

Si woaren zu véiert: zwéi Jongen an zwee Meedercher. D'Jongen hate vum Kleeschen e Baukaste kréit an d'Meedercher eng Popp. 't woar eng „Schildkröt" aus Bakelit. Ënnert dem Markenzeeche mat der Schildkröt, stong „unzerbrechlich". Dat Wuert huet d'Bouwen intrigéiert: „unzerbrechlich", dat gëtt et net! Se hunn d'Popp fale gelooss, 't ass näischt geschitt! Nach eng Kéier! Dat kann dach net sinn! Wéi se net méi weider wossten, hunn se der aarmer Popp mat der Aaxt de Kapp erofgeschlo! „unzerbrechlich" woar se trotzdem.

***Mme M.F.K vu Briedemes, Joergank 1939, erzielt vun hirer Kandheet zu Réimech***



Soll bei dëse ville Poppen och eng „Schildkröt"derbäi gewiescht sinn?







D'Popp ass iwwerall matgeholl ginn

Am Krich war et en Trouscht fir d'Kanner, wann se hir léifste Spillsaach konnten derbäi hunn. Bei Fligeralarm ass och am Keller gespillt ginn.

# Meng Popp war ëmmer derbäi

Ech hat zwou Poppen: d'Josette woar aus Bakelit, eng „Schildkröt". D'Nicole woar aus Parzeläin, méi grouss, hat brong Schillerlocken an Aen, déi op an zou gaange sinn, mat laange Wimperen. Se hat beweeglech Glidder, en hellbloe Satins-Räckelche mat Puffäerm, wäiss Strëmp a Schéngelcher. 't woar eng Popp

fir dohinner ze setzen an ze kucken. Dofir hunn ech se och net mat an de Keller geholl, wa Fligeralarm war. Mam Josette woar et méi einfach, dat konnt jo och net briechen.

Eise Keller woar en „Öffentlicher Luftschutzkeller". Dat heescht, e woar bei Fligeralarm zougänglech fir déi Leit, déi kee Keller mat zwee Zougäng haten. Wann d'Sireen gehault huet, ass alles erof an de Keller gelaf nodeems ee séier nach eppes an d'Hand geholl huet, wat ee geduet huet ze brauchen. Ech sinn ni erofgaangen ouni d'Josette.

Wéi ech an de Keller komm sinn, woaren eis Noper vu vis-à-vis schonn do ënnen: D'Boma, dat woar eng léif, de Bop, zwéi Jongen an eisem Alter an deenen hire Papp an hir Mamm. D'Mamm woar esou déck an onbehollef, dass ech mech gefrot hunn, wéi se d'Kellertrap erofkomm ass. Do souz se lo ze käichen, mat Gott an der Welt onzefridden, op Entwarnung ze woarden. „Awer wéi kréie mir se nees erop?", sot meng Mamm. Mäi Papp huet dat méi einfach gesinn: „Ech maachen d'Kellerlued op, do si manner Trëtt, de Camille zéit an ech drécken e bëssen!"

An d'Mauer zum Noper niewendru woar en Duerchbroch gehae ginn. Esou konnten déi direkt vun sech aus eriwwer kommen a goen ouni iwwer d'Strooss ze mussen. Dat woar eng Bomi, 3 Tattaen an e Meedchen, d'Colette. Dat woar e bësse méi al, 't huet awer ëmmer mat eis gespillt. D'Tatta Klara ass ni an de Keller komm, si wollt dat net. Dofir huet si fir eis gekacht, a gutt gekacht! Kee konnt esou gutt wéi si Kanéngercher preparéieren, déi mäi Papp no an no geschluecht huet: „Wann d'Preise se solle kréien, dann iesse mir se léiwer selwer." Vun der





Bomi hu mir Schockela kritt, eng Raritéit, aus hirer Pâtisserie.

Da koumen nach zwee Meedercher mat hirer Mamm, déi och am Haus gewunnt hunn. All zesummen hu mir Schoul gespillt. Jiddereent wollt d'Léierin sinn, awer dat Eelst huet gewonn a mir Kleng hunn alt nees musse follegen.

Meccano, dat woare blechen Deeler mat Lächer. Et konnt ee se zesummeschrauwen a Figuren, Weenercher, esouguer e Kran doraus bauen. „Dee geet net an de Keller", sot mäi Papp. Mäi Brudder hat en awer erofgeschmuggelt. Do si vill Stécker verluer gaang. „Ech hunn et jo gewosst", huet mäi Papp sech geiergert.

Am Hierscht 1944 si mir evakuéiert ginn. 't woar e laangen Trapp, deen zu Fouss laanscht de Scheierbierg gezunn ass. Op engem Handweenchen hate mir e bësse Saachen, 't sollt jo nëmme fir e puer Deeg sinn. Op eemol fänken ech un ze kräischen: d'Josette woar doheembliwwen. Mäi Papp ass mam Vëlo zréckgefuer, d'Popp sichen. Wéi mir bei der Bomi ukomm sinn, hunn ech gesinn, dass beim Transport d'Nues gestouss gi woar: de Krich hat d'Josette gezeechent!

***Simone Bonenberger vu Réimech, Joergank 1938***



An der Fantasie vun de Kanner sinn einfach Saachen zu Spillsaache ginn.

# Ein Schlafsack für die Zwergenkinder

Vater hatte ein fürstliches Geschenk erhalten: ein Knäuel handgesponnener Schafswolle, die nun auf dem Küchentisch lag und von allen befühlt und bewundert wurde. Doch, sie reichte nicht für ein Kleidungsstück. Großmutter aber wusste Rat. Sie konnte daraus eine Decke für ein Kinderbett stricken.

Als die Decke fertig war, blieb noch genug Wolle übrig, für ein Paar Handschuhe für mich. Der Winter war kalt, und solche Fäustlinge waren ein wahrer Schatz für ein kleines Mädchen.

Eines sonnigen Nachmittags zog Großmutter mir den Mantel an, den sie aus Großvaters Hose genäht hatte, und dann die Handschuhe aus der Schafswolle und schickte mich in den Garten, „damit ich Luft kriegte“, wie sie sagte.

Ich spazierte auf und ab und ging dann auf den alten Apfelbaum zu, an dem im Sommer meine Schaukel hing. Ich sah die braunen Blätter mit den weißen Frosträndern – und dazwischen ein rundes Loch, das sich zwischen den Wurzeln öffnete. Das war ein Zwergenloch!



Ich liebte Schneewittchens Zwerge so sehr. In meinem neuen Bilderbuch hatte ich gesehen, dass sie nachts auf großen Baumstümpfen zusammensaßen und Rat hielten. Sie wohnten unter der Erde, arbeiteten fleißig und behandelten das arme Schneewittchen gut. Ja, und nun war es kalt in ihrem Loch. Wo sollten die Kinder schlafen? Ich sah auf meinen Handschuh. Er war ein kleiner Schlafsack, in den gleich mehrere Zwergenkinder gepackt werden konnten. Aus ihm konnte man auch vielleicht etwas stricken. Ich zog ihn aus und steckte ihn tief in das Zwergenloch.

Als Großmutter mich später auszog, schreckte sie zurück. „Wo ist der zweite Handschuh? Hast du nicht aufgepasst? Du weißt, wie kostbar die Wolle ist. Und diese Wolle?“ Ich merkte, dass ein Gewitter sich über meinem Kopf zusammenzog und sagte nichts. Tante Susy wurde zum Nachsehen unter den Apfelbaum geschickt, den Pfad entlang... umsonst. Ich schwieg beharrlich. Auf einmal sagte Großvater: „Komm, sag mir ins Ohr, was du mit dem Handschuh gemacht hast.“ Ich fasste Mut, nahm tief Luft und dachte: „Er kennt ja alles von den Zwergen“. Dann sagte ich leise was geschehen war. Großvater war einen Augenblick benommen. Dann schwieg er und sagte schließlich: „Dieses Kind hier wollte mit den Zwergen, die jetzt ja so kalt sind, teilen. Deshalb hat es ihnen seinen Handschuh geschenkt.“ Betretene Stille. Dann meinte Großmutter: „Ja, aber weshalb erzählst du ihr so



Eng vun dëse schéine Moulen ass am Zwergelach verschwonnen

viele Geschichten? Das war doch ein Mauseloch. Da brauchen wir nicht mehr weiter zu suchen. Die Mäuse haben ihn herabgezogen.“ Nun, sie löste das Problem auf ihre meisterliche Art, wie stets mit Fäden aus der Restekiste. Zwar hätte ich lieber gehabt, wenn die Zwerge mein Geschenk erhalten hätten, doch auch Mäusekinder sind nicht gerne kalt. Großvater aber erzählte mir jetzt die Geschichte von Maus Ketty und wusste, wie Mäusefamilien in ihren Löchern wohnen, was sie essen, wie sie spielen und vieles, vieles mehr …

***Mariette Leuck vun Eeseber, Joergank 1943, bei hire Grousselteren zu Blaaschent***

Dacks hunn d'Kanner eppes nogespillt, dat se deenen Erwuessenen ofgekuckt haten. „Schoul“ oder „Mamm“ spille war virun allem bei de Meedercher beléift. D'Andrée Rhein huet awer och „Mass“ gespillt.

# Eise Koseng woar Massendénger

An de 40er Joaren duerften nach nëmmen d'Jonge Massendénger ginn an d'Meedercher net. An der Oktav um Märtchen huet mäi Koseng e klengen Altar kaaft kritt a mir hunn doheem Masse gehal. Op senger Kummer um Wäschdësch ass alles opgestallt ginn. Hie woar den Dechen an ech de Massendénger. Hien huet de Confiteor gebiet, ech konnt en net. Ech hunn op där falscher Plaz geschellt an hu mech geknéit, wann ech hätt misse stoen. Eise klengen Deche woar geplot ewéi en Hond. Hien huet senger Mamm eng Schossel Nuddelen (Muschelen) geklaut, dat woaren d'Hostien, awer dat war nach laang net gutt, esou eng kal Nuddel.

Ouschterméindeg koum hie mech ruffen, mat engem gefierften Ee an der Hand. Wien deem aneren säin Ee futti getéckt huet, hat gewonn a krut dat Ee. Hien huet ëmmer mat der Spëtz getéckt an huet all eis Eeër gewonn an och giess. Wéi d'Massendénger mëttes hiren Ausfluch gemat hunn, op Mondorf an de Park, louch eisen Eeërfrësser am Bett. Net jiddweree verdréit schonn 8 gekachten Eeër muerges op réie Mo. Meng Mamm hat mëttes keen Ee méi fir op d'Zalot!

*Andrée Hansen-Rhein vu Bous, Joergank 1932, erzielt vun hirer Kandheet zu Réimech*



An der Oktav um Märtchen krut ee kleng Statuen a Biller ze kafen, déi d'Kanner doheem opgestallt hunn, fir „Mass“ ze spillen





Matzen am Spill ass een sech der Gefor net bewosst. Duerno huet sech dann dacks erausgestallt, datt d'Kanner e gudde Schutzengel haten. Dat gëllt beim Waasser am Komp...

# Dem Koseng Ed säi Pifffaass

Den Ed hat vum Kleeschen e Pifffaass krut. E grénge Auto mat engem Unhänger, op deem e rouden Tank vu 5 Liter war, mat hannen engem Krunn drun. Mir sinn domat nätze gefuer. Wann den Tank eidel woar, hu mir en erëm beim Komp gefëllt. Et sinn dräi Intercher am Komp geschwomm an ech wollt mir eng fänken. Pating-Patang, an ech louch dran. D'Elteren hunn is jo ni aus den Ae gelooss a schonn huet de Monni Jempi mech gegraff, erausgezunn a mech séier heem gejot. A mengem roude Rack, deen och nach gefierft huet, mat enger Intchen am Grapp, koum ech doheem un. Meng Mamm huet mech gläich an eng Biitche Waasser gestach. Et wär jo alles nëmmen hallef esou schlëmm gewiescht, wann net e Mann mat engem ganz décke Bauch, de Lige Pulles hu si hien zu Réimech genannt, do gestanen hätt. Hien huet sech de Bauch ugehal a mech ausgelaacht. Wann ech gemeent hunn, e géif ophalen, huet hien nëmmen no Otem geschnaapt a rëm ugefaang. Et sinn ni méi Intercher an de Komp komm!

***Andrée Hansen-Rhein vu Bous, Joergank 1932, erzielt vun hirer Kandheet zu Réimech***

... grad esou wéi an der Musel...

# An der Réimecher Schwämm

't woar nëmmen e Pad, deen duerch de Gréin bei d'Schwämm an der Musel geféiert huet. Eng laang Mauer, an der Mëtt woar d'Entrée. Do souz d'Madame Stephany an der Keess. Hannert der Mauer gebaute Kabinnen. Rechts d'Jongen, lénks d'Meedercher. Eng kal Dusch woar och do.

Sou wäit wéi ee Buedem kritt huet, woar d'Musel mat Holzstämm ofgedeelt. Rechts eng Trap fir an den Dëmpel, do woar d'Waasser ganz déif. Vis-à-vis vun der Schwämm woar eng Krëpp fir d'Fëscher. Wéinst der Drëft hunn nëmmen déi gutt Schwëmmer sech getraut, iwwer ze schwammen, dat woar eng Leeschtung.

Sou richteg schwamme konnt ech nach net mat 11 Joer, awer ech hunn net gefoart. Wann déi Grouss es an der Schwämm midd woaren, hunn se sech gehuewen a sinn duerch d'Wisen op Bech-Maacher gaang, fir erof ze schwammen. „Komm, géi mat!", hunn se zu mir gesot. „Mir passen op dech op." Ech hunn net laang iwwerluet, besser dat, wéi eleng hei bei deene Klengen.

De Wee op Bech woar et eleng scho wäert. Mir hu gelaacht an eis ameséiert. Et woar flott! Du huet et geheescht: „Hei gi mir eran." Wat sollt ech maachen? Alt hannendrun. E bëssen Angscht hat ech schonn, awer du woar alles ganz einfach a lit. D'Drëft huet mech gedroen. 't huet och keen no mir gekuckt, jiddereen hat mat sech selwer ze dinn. Ech hu mech einfach dreiwe gelooss an 't ass gaangen.

Wéi ech doheem vu mengem Exploit erzielt hunn, stonge menger Mamm d'Hoer zu Bierg. Mäi Papp sot: „Ech hunn och esou geléiert!"

***Simone Bonenberger vu Réimech, Joergank 1938***





E waarme Summerdag nom Krich an der Réimecher Schwämm. Am Hannergrond déi provisoresch, reparéiert Bréck



D'Schwämm op der Gantebeensmillen, 1941

... oder beim Duerfweier.

# Den Hämmer Pull

Auf einem spitzen Landfleck am Dorfeingang von Hamm, links eingefasst von der Paschtoueschgaass, rechts vom Pëppelcheswee und hinten durch die hohe Mauer des Paschtoueschgaarts begrenzt – wo vor fremden Blicken ungesehen der Pfarrer seiner täglichen Brevierpflicht nachkam – dort lag der mit Spitzpappeln besäumte Dorfweiher: der Hämmer Pull. Ein zentraler Anziehungspunkt, an dem an ein gleichgültiges Vorübergehen nach Schulschluss meist nicht zu denken war.

Im Sommer schrumpfte der Wasserspiegel auf minimale Ausmaße zusammen. Unsere älteren Cousins und deren Klassenkameraden wagten sich dann barfuss, mit hochgestülpten Hosen in das seichte Wasser und wateten im Schlammgrund, wo sie auf Beute aus waren: Fische wurden mit der Hand erwischt, aber besonders der gelb und schwarz gefleckte Salamander war ein begehrtes Objekt.

Wenn abends die Kuhherde vom Laangfeld von der Weide heimkehrte und die ganze Straße einnahm, galt der Teich als Ersatz für die fehlende Dorftränke. Ich hatte vor diesen dickbäuchigen Biestern eine Heidenangst, wenn sie mit ihren mächtigen, gehörnten Köpfen mit riesigen Glotzaugen und großen Mäulern auf mich zukamen und mich zwangen an den äußersten Straßenrand zu flüchten.



Den Hämmer Pull, fréier an haut

Im Winter war der zugefrorene Teich ein Mittelpunkt für die Dorfjugend. Die großen Jungen zogen auf dem vom Schnee freigefegten Teil eine lange Eisbahn, eine blitzblanke „Schläich". Nach einem Anlauf von fester Erde aus flitzten sie auf ihren genagelten Schuhen über die ganze Breite. Wir Kleinen durften die rasenden Gleiter nicht stören und mussten uns mit dem seitlichen Teil zum Tummeln begnügen.

Hin und her machte ich eines Tages auf dem ruhigen Teil meine unbeholfenen Gleitübungen, als urplötzlich sich unter mir eine Leere auftat und ich mich hüfttief in eiskaltem Wasser wiederfand. Ich war in ein Eisloch gefallen. Die Welt war für mich plötzlich zweigeteilt: Bauch und Füße gefangen in einem bedrohlich-kalten Element, mein Oberkörper in der gewohnten, friedlichen Umgebung. Ich habe wohl erbärmlich um Hilfe geschrien, denn mein großer Cousin war bald zur Stelle und zog mich Zappelnden aus der misslichen Lage. Zum Glück war der Lochdurchmesser klein, so dass ich mich mit den Ellbogen und dem Schulranzen auf der Eisoberfläche abstützen konnte. Außer dem Schrecken, war ich zu keinem Augenblicke in irgendeiner Lebensgefahr gewesen, aber ein zwanzig Minuten langer Heimweg in klirrender Kälte stand mir bevor! Unterwegs musste ich an den strafenden Vater denken; zuhause empfing mich schließlich, in nassen Schuhen und hartgefrorenen Kleidern die rettende, warme Stube.

Später, 1942, als Viertklässler widerfuhr mir am selben Ort wiederum ein abenteuerliches Geschick. Es war Winterende, Tauwetter hatte schon lange eingesetzt, als ich an einem Sonntagnachmittag am Teich vorbei kam und die schwimmenden, großen Eisschollen betrachtete. Das regte meine Phantasie an und mein waghalsiger Plan sollte gleich nach der Vesper in die Tat umgesetzt werden. Eine lustige Fahrt auf einer Eisscholle müsste doch leicht möglich sein! Mein Bruder und meine zwei Cousins ermunterten mich zur Ausführung des großartigen Einfalls. Gemeinsam suchten wir einen geeigneten dürren Pappelast als Manövrierstange. Damit mühte ich mich vorerst ab, vom äußersten Rand des vollgefüllten Teiches eine Scholle ans Ufer zu ziehen. Dabei kam mir das Lied vom Knäblein in den Sinn, das am Weiher steht und leise zu sich spricht: „ ... Ich muss es einmal wagen, das Eis, es muss doch tragen, wer weiß, wer weiß, wer weiß“.



Um Fetschebur hunn déi Hämmer Kanner gär am Waasser gepuddelt

Froh, endlich das Eis in Ufernähe geschafft zu haben, tat ich den mutigen Sprung auf die Scholle, indem ich mich mit dem Holz abstieß und mich ruckartig in die hohe See katapultierte. Im Nu aber neigte sich das als sicher scheinende Floß und ich rutschte rückwärts ab ins eiskalte Nass. Strampelnd rettete ich mich schnell ans Ufer. Zu spät sollte ich mein wohlüberlegtes, aber falsch eingeschätztes Vorhaben und meinen leichtsinnigen Übermut bereuen; ich musste an die Fortsetzung des Schmähliedes denken: „... das Büblein platscht und krabbelt als wie ein Krebs und zappelt; ... es hat getropfet, vom Fuße bis zum Kopfe, der Vater hat geklopfet, zu Haus, zu Haus, zu Haus“. Ja, bei der Aussicht auf Prügel, – die Strafe, die ich auf dem weiten Heimweg bedachte,– in Anbetracht des nassen Zustandes meiner besten Sonntagskleider und -schuhe, schien mir die Wegstrecke diesmal doch allzu kurz. Meine Mutter aber überging glücklicherweise großmütig meine Unvorsichtigkeit und war wohl froh, dass das Abenteuer mit dem seeuntauglichen Floß noch glimpflich verlaufen war.

Mein unrühmliches, peinliches Missgeschick stellte sich später als ein Glücksfall heraus, ja als ruhmreiche Tat, weil ich in einem Schulaufsatz als Sechstklässler das Erlebnis als ein missglücktes Abenteuer beschrieb. Unser Lehrer lobte meine Arbeit überschwänglich. Der am Vortage an die Wandtafel geschriebene Aufsatz erntete wegen einer perfekten Darstellung die einmalige Bestnote von 60 Punkten.

Später wurde der Dorfteich, der zu manchem Ungemach Anlass gab, einfach zugeschüttet. Heute heißt der Ort aber noch immer „Um Pull“.

***Ferdy Dumont vun Elleng,***
***Joergank 1932, erzielt vu senger Kandheet zu Hamm***

Déi gefruere Musel war och eng geféierlech Spillplaz.

## Mäi Brudder Carlo

’t woar e kale Wanter. D’Musel zu Schengen war zougefruer: eng Äispist ënner bloem Himmel an der Wantersonn. Mäi Brudder, kaum de Läffel aus dem Mond, ass mat de Schlittschong lassgezunn.

Ech hu mengen Elteren de Kaffi zervéiert. Vun der Stuff aus konnt ech de Carlo gesinn iwwert d’Äis flitzen. „Do ass dach e Lach“, hunn ech geduet. Ech konnt mech net réiere vun Angscht. A scho woar et geschitt: Hie woar agebrach! Awer gläich drop woar en nees uewen.

Dunn eréischt konnt ech erëm schwätzen. Mat mengen Elteren zesumme sinn ech erausgelaf a mir hunn de Carlo an d’Haus bruet. Seng Box woar scho steif, wéi mäi Papp en draus erausgezunn huet.

Meng Mamm huet deen hallef Erfrierenen an d’Bidde gestach. Zu zwee hu mir en dréche gerubbelt a scho woar en nees topfit. ’t huet net laang gedauert, du woar e schonn erëm mat Kollegen ënnerwee.

***Mme M.T. vu Schengen, Joergank 1928***

D'Kanner hunn net gefaart, deene Grousse war et awer dacks baang ëm si. Besonnesch riskant war et, wann et héich erop gaangen ass, wéi zu Réimech op der Bréck…

# Een hëlze Leeder fir op d'Bréck

Am Kréich hunn déi vun „Jenseits des Jordans" (sou soten se zu Réimech), fir de Wee ofzekierze fir op d'Bréck, een hëlze Leeder op der Esplanade opgeriicht. Vun der hallwer Bréck erof op de Pavé, iwwer 20 Meter héich.

Den Elteren hätten d'Hoar zu Bierg gestan, wann se gesinn hätten, wéi hir Kanner vun 10 Joar, vun ënne bis uewen, d'Leeder op, d'Leeder of geklotert sinn, e puer Sprëss mateneen! Wie fir d'éischt do uewen ass!

De Rack kapott, eng Spläiter am Been, oft koum ech owes esou heem. D'Mamm freet: „Wou woarsche nees, wou huesche dech erëmgedriwwen?" Ganz onschëlleg: „Ech kann net dofir, ech hunn et jo net gär zerrass." Dobei ass et bliwwen. Mir haten erëm, Gott sei Dank, e gudde Schutzengel.

***Andrée Hansen-Rhein vu Bous, Joergank 1932, erzielt vun hirer Kandheet zu Réimech***



Kanner aus dem Neiewee zu Réimech um ale Fussballsterrain, 1940





… an zu Wahl beim Tarzan-Spill.

# Grad esou wéi am Film

Eise Paschtouer huet eis am Unterrecht ëmmer ganz vill Geschichtercher erzielt an hie war dat och, deen d'Initiativ ergraff huet, fir eis e Film ze weisen. Hien huet e Projekter an en Ecran opgeriicht. De Film ass all Moment futtigefuer, dann huet hien en nees missen unenee pechen. Deen éischte Film war en „Tarzan", dee Film huet mech als Kand onwahrscheinlech beandrockt. Den Tarzan ass mat enger Liane vun engem Bam op deen anere gesprong. Dat hu mir missen onbedéngt ausprobéieren.

Zu dräi esou Borschte si mir op „d'Pleeterter Kopp" gereest. Ech hu mech do un d'Spëtzt vun engem Bam gehaang, déi natierlech ofgebrach ass an ech sinn erof op de Réck gefall a war vu mir. Déi zwéin Helden, déi bei mir waren, si fortgelaf. No 10 Minutte sinn ech zou mer komm. Ech sinn an d'Duerf getrëppelt a meng gréisste Suerg war, datt meng Mamm näischt géif dovu gewuer ginn.

***Théo Pletschette vun Ettelbréck, Joergank 1937, erzielt vu senger Kandheet zu Wahl***

D'Schéissen hat schonn ëmmer eng grouss Faszinatioun fir d'Bouwen an am Krich hunn si alt emol mat Munitioun gespillt, déi dohier louch. De John Weber kann sech awer och un déi béis Konsequenzen erënneren.

# Bommen a Granaten

Jonge vun deemools, kënnt der iech nach erënneren un de Munitiounsdepôt, deen d'preisesch Wehrmacht am Dippecher Bësch zréckgelooss hat? Tonnen an Tonne vu Bommen, Granaten, Handgranaten an all aner Zorte vu Munitioun luch do, an d'männlech Jugend aus der ganzer Géigend ass prozessiounsweis dohinner gepilgert a mat allerlee Mordmaterial rëm heemgaangen. D'Hoer sti mer nach haut zu Bierg an ech kann nach ëmmer net verstoen, firwat d'Autoritéiten dat net zougemat hunn. Richteg Autoritéite gouf et allerdéngs deemools nach keng.

Do luch och de Sprengstoff fir schwéier Granaten. Dat awer net a Form vu Polver mä a Form vu Staangen, déi genau esou ausgesinn hu wéi Spaghetti, déi selwecht Längt an déi selwecht Déckt. Just d'Fuerf war anescht, dës Spaghettië waren irgendwéi grozeg. Huet een déi ugefaangen, dann hunn si gebrannt wéi e „Späizmännchen", awer vill méi hefteg. Huet een se da lassgelooss, da sinn si dorëmmer geflunn an et huet bal eng Minutt gedauert bis se ganz verbrannt waren. Mär haten déi Dénger „Schwärmer" gedeeft. Et konnt allerhand Topereien domadder maachen, se zu enger Fënster erageheien, de Meedercher domadder wëllen imponéieren an esou weider. De Clou awer war, wann een se ënnen an e Reekulang gestach an dann ugefaangen huet. Mat allerhand Gedäisch sinn si dann de Kulang eropgeflunn an um Daach erauskomm. Et war de Spaass wäert.

Leider sinn deemools och vill Onglécker geschitt. Et goufe Jongen, déi sech esou eng Granat an de Schraufstack gespaant hunn a wollten drun hantéieren a feilen. Ech ka mech un e puer Jongen erënneren, déi un enger Phosphorsgranat experimentéiert hunn. Si hu schrecklech Verbrennungen erlidden. Anerer hunn e Been oder eng Hand verluer a leiden nach haut drun.

***John Weber vun Zolwer, Joergank 1930, erzielt vu senger Kandheet zu Déifferdeng***



De Ferdy Dumont weess nach gutt, wéi hie mat Sprengstoff a Krichsoffall gespillt an experimentéiert huet.

# Pulvergeschichten

Pulver in verschiedenen Formen, vielseitig verwendbar, war im Krieg für uns Buben eine eher seltene, wertvolle Sache, ein begehrtes Tauschobjekt.

Pulver, makkaroniförmig, eignete sich besonders zum Anzünden, um als zischende Miniraketen durch die Luft zu sausen. Pulver in Plättchenform, aus Patronen, wurde verwendet zur wirksamen Bekämpfung von Wespen. Abends bei Dunkelheit wurde die Wächterwespe am Nest überrumpelt, indem rasch die brennende Hülse in den Wespeneingang gesteckt wurde. Das verpuffende Pulver vergaste im Nu das ganze Wespenvolk. Am folgenden Tag wurde mit Spaten das Nest ausgehoben und die Papierwaben voller Larven den Hühnern angeboten. Ein älterer Schulkollege führte uns vor, wie man mit Dynamit und Zündkapsel ein Nest auf einen Schlag zerstören konnte.

Im Herbst 1944 hatte ich das Glück zu einem größeren Pulverschatz zu gelangen. Ich half Kontesch Rosch amerikanische Hefte mit bunten Comics zu sammeln, worin vorwiegend Kampfszenen abenteuerlich dargestellt waren. Diese sollten den heldenhaften Einsatz an der Kriegsfront fördern; die amerikanischen GIs waren auffällig immer die Guten, die Deutschen (die „Krauts") aber immer die Bösen. Für diese Hefte hatte Rosch mir einen Sack voll Pulver versprochen. Das sichere Versteck auf unserm Speicher wäre ideal gewesen, wenn es nicht eines Tages gegen Mitternacht geheißen hätte: „Die Schreinerei brennt!" Sofort hellwach, erblickte ich aus dem Bett, durch die offen stehende Schlafzimmertür und die dahinter liegende Speichertür, flackernden Feuerschein. Ich träumte also nicht! Mein Vater stieg eben hastig die Treppe hoch und warf zwei Kübel Wasser in die schon brennende niedrige Dachschalung des Wohnhauses. Mein erster Gedanke galt meinem Pulverschatz, der genau in Brusthöhe unter den Flammen lag. Im Nu begriff ich die verheerende Gefahr dieser großen Pulvermenge; die konnte schlagartig, mit einen furchtbaren Feuerball, das ganze Obergeschoss vernichten. Noch im Nachthemd zog ich beherzt den Pulversack unter den nahen Flammen weg und brachte ihn schnell in den sicheren Keller. Derweil hetzte mein Vater mit weiteren Wasserkübeln hoch und löschte den Brand, der auf das Wohnhaus überzuspringen drohte. Die Schreinerwerkstatt aber brannte bis auf das Erdgeschoss ab. Niemand erfuhr je etwas von dem, was ich aus dem Versteck in letzter Sekunde hatte verschwinden lassen.



Krichstrophäe vun den Amerikaner: däitschen Helm, Säitegewier a Koppel „Gott mit uns".
De Ferdy Dumont mat sengem Brudder Francy a senger Schwëster Odile



D'Cousine Maria Odem an de Koseng Henri Dumont am Hessenhiwwel

Belustigend war meine kleine Erfindung eines Minifeuerwerks mit zylinderförmigen Pulverteilchen aus Granatenhülsen, das bei Dunkelheit zur erfreulichen Zerstreuung vor den applaudierenden Zuschauern abgebrannt wurde. Aus einem kleinen Rohr, das in einer engen Pulverkammer im Erdreich endete, stob vulkanartig eine Funkenfontäne empor, bis zu zwei Meter hoch. Solch ein Schauspiel als Willkommensgruß zur glücklichen Kriegsheimkehr unseres Nachbarn Henri Falkenstein, wurde von allen mit großem Beifall bedacht.

Ein anderes Experiment endete weniger glorreich. Bordwaffengeschosse gab es drei Arten: Kugelspitzen mit Stahlkern, mit Phosphorkern als Leuchtkugel und solche mit Pulverkern als Explosivgeschoss, das – wie ich annahm – nur beim Aufprall auf Stahl zur Explosion gebracht werden konnte. Diese Kugel besaß zum Abschluss hinten eine Schicht aus Blei. Mein Cousin versicherte mir, er hätte dieses wertvolle Element mittels einer Kerzenflamme ohne Problem heraus geschmolzen. Das wollte ich auf schnellere Art erreichen, indem ich die Kugelspitze an einen längeren Draht band und diese eines Abends in den heißen Stubenofen hielt, um so das Blei zum Schmelzen zu bringen. Beim Herausziehen der Kugel gab es einen ohrenbetäubenden Knall, zudem eine äußerst grelle Stichflamme, die mich völlig blendete. Alle Hausbewohner waren tief erschrocken ob des unerwarteten, unerklärlichen Böllers. Mein Vater donnerte mich wie aus weiter Ferne an: „Sofort zu Bett!" Das war nicht die erwartete harte Bestrafung; aber die Strafe war die, dass ich völlig blind das Bett im zweiten Stock tastend erreichen musste. Das machte mir wirklich bange! Zum Glück konnte niemand etwas davon wissen. Als ich nach einer geraumen Zeit einen schwachen Schimmer der nackten Glühbirne an der Decke erkennen konnte, war ich vom Albtraum des Erblindens erlöst. Die Sehkraft stellte sich nach und nach wieder ein, das Taubgefühl nahm ab.

Der Ofen hatte es überlebt, das glühende Koksfeuer hatte sich aber in Nichts aufgelöst.

Nicht alle Spiele mit militärischem Abfall waren gefährlich. So sammelten wir die schweren Elektobatterien in wasserfester Kartonhülle, deren Stromkapazität niemals völlig erschöpft war. Diese fand man als Müll, ebenso wie isolierte Stahldrahttelefonkabel, in den verlassenen Militärzeltlagerplätzen und geräumten Artilleriestellungen. Damit verlegten unsere großen Cousins an der Eisenbahnlinie entlang Doppelleitungen, an den Hintergärten vorbei von einem Familienhaus zum nächsten, bis hinein in die drei Stuben. Dort wurden die Kabel an eine Batterie samt einer Glühbirne angeschlossen; ein primitiver Kontaktschalter auf einem Holzbrett oder ein demontiertes Stück mit Schalter aus dem Cockpit eines bauchgelandeten Douglas DC-3 (neben dem Schaedbësch), machten es möglich, morse-ähnliche Zeichen durchzugeben. Bald aber waren die Batterien leer; es kam also nicht dazu, die ins Auge gefasste Morsesprache zu lernen. Das mühsam demontierte Armaturenstück mit Schalter und Kontrolllämpchen diente später zur Schaltung der Krippenbeleuchtung unter dem Weihnachtsbaum.

Unbeaufsichtigte, bruchgelandete Militärmaschinen wie B17 Forteresse, P-38 Lightning, B-26 Marauder, auf dem Findel waren ein Eldorado für

Schatzsuchende. Bordschussmunition war echte Kriegsbeute. Auslaufendes Benzin wurde in einem offenen Topf aufgefangen und zu Fuß 4 km weit nach Hause getragen. Unterwegs wurde leider die Hälfte davon verschüttet. Mit dem geretteten Rest konnte man Feuer anlegen und die Wasseroberfläche „zum Brennen“ bringen; ein effektvoller Zaubertrick.

Benzinkanister, *Jerrycan* genannt, konnte man leicht zum Fliegen bringen: ein leerer verschlossener Benzinbehälter wurde kurz in der Sonne aufgewärmt und auf eine schiefe Ebene gelegt: dann genügte ein brennendes Zündholz am geöffneten Verschluss, um den Jerrycan mit lautem Knall einen weiten Luftsprung tun zu lassen.

Begehrte Fundobjekte waren besonders die noch ungeöffneten, wachsbeschichteten ten-in-one Frontration-Pakete*. Diese enthielten Büchsen mit Ham&Eggs, Kekse, schwarze, harte Schokolade, Nescafé in Aluminiumhülle, Zucker, Trinkwasserdesinfektionsmittel und Zigaretten in betörend schönen Verpackungen. Zigaretten waren plötzlich keine Mangelware mehr. Die verlockenden Camel-, Philip Morris-, Chesterfield-, Old Gold- und Lucky Strike- Zigarettenpackungen, ein wahrer Abglanz der Neuen Welt, verführte geradezu zum Rauchen. Ich fand den Geschmack abscheulich, mein Bruder aber und die jüngeren Cousins konnten der Versuchung nicht widerstehen, das genussverheißende Kraut zu probieren. Sie fanden wohl auch Gefallen am Verbotenen, denn um sich durch Atemgeruch nicht zu verraten, kauten sie nachher rohen Schnittlauch. Sie irrten aber, wenn sie meinten die Eltern damit täuschen zu können. Sühne blieb nicht aus!

***Ferdy Dumont vun Elleng, Joergank 1932, erzielt vu senger Kandheet zu Hamm***

* „Ten-in-one food parcels“ waren amerikanische Rationspakete, die eine Mahlzeit für 10 Soldaten beinhalteten.



Bauchlandung vun enger B17 um Findel: dat wollten d’Jongen sech natierlech net entgoe loossen

E Cockpit-Schalter, e flott Relikt fir ze spillen



Fir d'Jongen aus dem Minett waren d'Galerien eng spannend, awer och geféierlech Spillplaz.

# Mëttes huet de Bierg eis gehéiert

Wéi laang läit dat zréck? Mär Déifferdenger Bouwe waren Här a Meeschter um Rollesbierg. Dat awer nëmme mëttes, well an der Krichszäit hate mer muerges vun 8 bis mëttes 1 Auer Schoul, an d'Aarbecht „à ciel ouvert" um Rollesbierg war vu muerges 6 bis mëttes 2. Hate mer dann de more Krichskascht eran, da gong et op de Bierg. „Der Berg ruft", huet meng Groussmamm gesot.

Wat war dann do esou interessant fir eis Bouwen? Ma um Rollesbierg louch d'Minett bal direkt iwwert dem Buedem an dofir sinn d'Flanke vum Bierg opgerappt an d'Minett erausgesprengt ginn. Dann ass et mat Buggien, déi op engem laange Schinnennetz stungen, direkt mat der Damplokomotiv „Guckuck" op d'Déifferdenger Schmelz „HADIR" gefouert ginn. Muerges huet een nëmmen „gare la mine", d'Explosiounen, d'Kräische vun de Buggien an d'Gepäifs vum Guckuck héieren, awer mëttes, jo mëttes huet de Bierg eis gehéiert.

Op den opgerappte Flanke vum Bierg si mer geklotert a mer hunn eis virgestallt, et wier de Großglockner, mä d'Haaptattraktioun waren d'Buggien. Déi stungen eidel do a laange Rammen a mär hunn dann dee leschte lassgemaach an da si mer mat Karacho de Bierg erofgerannt bis de Buggi ënnen ausgelaf ass. Da si mer erëm eropgelaf an et ass un den nächste gaangen. Esou eng Operatioun huet bal 20 Minutte gedauert an um Enn stungen eng hallef Dose Buggien do wou se net higehéiert hunn. Mär awer waren doudmidd, well 10 bis 12 mol erop bei den nächste Buggi lafen huet een erbäigeholl.

Der kënnt iech virstellen, datt dat den Aarbechter net vill Pleséier gemat huet, well déi Buggien hunn erëm muerges mam „Guckuck" eropgedréckt misse ginn. Et ass och virkomm, dass ee vun eis vun engem Wiechter erwëscht ginn ass, an da sinn et der laanscht d'Rëpper ginn. Et huet alles näischt gedingt, de folgenden Dag ware mer erëm derbäi. Heiansdo hunn d'Aarbechter och de leschte Buggi vun enger Ramm aus de Schinne gehuewen a mär Bouwe waren net staark genuch fir en erëm op d'Schinnen ze setzen. Dann hu mer eppes aneschtes misse fannen, a mär hu fonnt!



Op der aner Säit vum Rollesbierg, do war den Tillebierg. Do war eng richteg ënnerierdesch Galerie. War dann um 2 Auer Feierowend, da sinn d'Mineuren aus der Galerie komm a se hunn hir Karbidsluten eidel gemat, dat heescht si hunn dat, wat nach vu Karbid dra war an e grousst Faass gehäit. Dat war eises. Dëse Karbid war nach net ganz verbrannt an deen hu mär da recuperéiert. Mer hunn dëse Karbid an al Bidongen oder a Fläsche geluet, Waasser drop, e Stopp driwwer an da fort. No e puer Minutte sinn dann déi Bidongen oder Fläschen explodéiert. Et war eng ganz geféierlech Saach, mä ganz am Sënn vun der Zäit. An der preisescher Schoul hu mer bal nëmme vu „Bomben und Granaten" héieren.

Nieft dem Fëmme vun „Fëmmholz" gouf et nach e Spaass, dee mer awer net oft probéiert hunn. Déi Aarbechtsbude vun de Grouwenaarbechter haten alleguer en Daach, dee mat Goudron impregnéiert war. Am Summer, wann et ganz wuarm war, huet de Goudron sou an Drëpse vun de Säiten erof gehaang. Mär hunn dann e puermol déi Drëpsen erofgeholl an als ... Knätschgummi geknat. Net oft, well et hat een dono esou e komescht Gefill ...



An dëse Buggie goung et mat Karacho de Bierg erof

Wann ech dat alles esou iwwerleeën, da schéngt et mer wéi e Wonner, datt ech a vill vu menge Komeroden 80 Joer al gi sinn an der nach mindestens 20 erwuarden.

***John Weber vun Zolwer, Joergank 1930, erzielt vu senger Kandheet zu Déifferdeng***



D'Lausbouwe vun Nidderdonwen beim Wäschbur

**Et war normal, datt d'Kanner doheem gehollef hunn: am Stot oder am Gaart a besonnesch um Land, wou vill vun hinnen an engem Baueren- oder Wënzerbetrib opgewuess sinn. Mä och beim Schaffen hunn se sech Spiller a Spiichten ausgeduecht.**

# Aarbecht a Spill

Den Usch, dee jéngste vu menge Kosengen, an ech waren déi klengst um Haff. Ech war deemools siwe Joer al an den Usch aacht. Mir haten awer schonn eis Aufgaben. All Dag si mer d'Eeër oprafe gaang. Wann d'Hénger sech ënner de Kréischelsstäck verstoppt hunn, huet meng Tatta eis geruff: „Kanner, et ass en Huer doruechter." Mir sinn dann erausgelaf an hunn an d'Hänn geklappt, fir den Héngerdéif ze verjoen. Dat war ëmmer flott.

Wat mer och gär gemaach hunn, dat war d'Schwäin an d'Perch ze loossen. Den Usch huet d'Dier vum Stall opgemaach an ech hu mech esou gestallt, dass d'Schwäin an déi richteg Richtung gelaf sinn. Si hunn ëmmer esou schéi gequiikt, dann hate mir d'Gefill, et wier eppes lass. Mir hunn awer net däerfen d'Schwäin eranhuelen, dat hunn déi grouss Kanner gemaach. Dat war méi eng delikat Operatioun, well d'Schwäin net ëmmer wollten an de Stall zréckgoen.

Mir sinn och owes geschéckt ginn, fir d'Kéi eranzehuelen. Et war awer net ëmmer op eis Verlooss. Wa mir eppes Interessantes ënnerwee entdeckt hunn, dann hunn déi Erwuessen och alt emol missten am Stall op d'Kéi waarden. Ech ka mech erënneren, dass dem Usch säi Brudder eis eng Kéier nogeschéckt ginn ass, well mer net mat de Kéi erbäikoumen. Hien huet eis virun engem Harespelsnascht fonnt. Mir hunn äifreg am Nascht gestëppelt an haten d'Welt ronderëm eis vergiess.

Eng vun eise léifste Beschäftegunge war et, am Hee ze turnen. D'Scheier war hannenerlaanscht net héich a mir konnten, wa mer e puer Steng openeegeluecht hunn, op den Daach klammen. Dann hu mer d'Zille vum Daach opgehuewen a sinn duerch d'Lach an d'Hee gesprong. Laang wossten déi Grouss näischt vun eisem Spillchen, bis dass ech eng Kéier eng metalle Spéngel verluer hat a gebeicht hunn, ech hätt se wahrscheinlech am Hee verluer. Dat huet fir vill Opreegung gesuergt, well gefaart ginn ass, eng Kou kéint d'Spéngel ofschlécken oder et kéint e Feier ginn. Mir hu verbuede kritt, am Hee ze spillen. Natierlech hu mir eis net dorunner gehalen. An der Scheier konnt een eng Leeder eropklammen a koum dann op de Späicher iwwer dem Haus. Wéi mer erëm eng Kéier am Hee gespillt hunn, gesi mer uewen um Späicher eng däischter Gestalt stoen: eng Hex! Ech mengen, ech hat mech am Liewen nach ni esou erféiert. Et war meng Cousine, déi eis esou dovunner ofbrénge wollt, do ze spillen, awer dat wosste mir net. An et ass hir gelongen: Mir sinn ni méi vum Daach an d'Hee gesprongen. Heiansdo hu mer nach virsiichteg eng Zill op d'Säit gezunn, fir ze kucken, ob d'Hex nach do wier.



D'Kanner goufe geschéckt, fir d'Véi an d'Perch sichen ze goen

Mir hu mat deem gespillt, wat mer fonnt hunn. Aus Leem hate mer eis e klengen Uewe gebaut an hei hu mer „Quetschekraut gekacht". Mir hunn déi hallef faul Quetschen, déi mer opgeraf haten, an eng Béchs gemaach an drënner e klengt Feierchen. Äifreg souze mer do mat engem Bengel am Quetschekraut ze réieren, fir dass et net sollt ubrennen. Mir ware ganz an eist Spill verdéift, wéi ee vum Usch senge Bridder, dee wahrscheinlech heemlech rose war, dass mir gespillt hunn, während hien huet misse schaffen, eis en Eemer Waasser iwwer eisen Uewe gekéiert huet. Mir hätte kënne kräischen! Et hat awer kee Wäert sech bei déi Grouss bekloen ze goen, well déi hu sech net an eis Kannersaache gemëscht. Sou hu mer missten eise Frust erdroen.

***Huguette Eyschen-Wagener vun Ettelbréck, Joergank 1937, bei hirer Famill zu Beidler***



Déi laang Stonne beim Kéihidde sinn éischter vergaangen, wann een sech mam Messer ameséiert huet.

# Spiele beim Kuhhüten



Auf der Weide machte ich Pläne, wie aus der Fülle der vor mir liegenden Zeit, Kurzweil zu schaffen sei. Zuerst war einmal ein fester Sitzplatz aus Holzstäben in die Wiese neben dem mächtigen, mitten in der Weidefläche alleinstehenden Eichenbaum zu errichten. Daneben eine Feuerstelle zum vielfältigen Gebrauch. Zu einer Art Sonnenuhr setzte ich Holzpflöcke in den Boden, musste aber bald feststellen, dass die Schattengrenze des Baumes von Tag zu Tag zu sehr änderte, um eine zuverlässliche Messung der Uhrzeit zu ermöglichen. Im nahen Wald gab es Haselnussholz zum Anfertigen von Pfeil und Bogen, die ewige Suche nach der idealgeformten Gummischleudergabel fortzusetzen oder das Schneiden von Hirtenstöcken, in denen täglich symbolische Einkerbungen zur Dokumentation der Sonnentage eingeritzt wurden. Mein treuer Begleiter, das kleine perlmuttbeschlagene Messer war ein ungemein wichtiges Handwerkszeug. Es diente auch zum Üben des Bi-ba-bitz-Spieles*, das ich bald fehlerlos mit nachtwandlerischer Sicherheit von A bis Z beherrschte. Zweimal war das Messer auf dem Weidegelände verloren gegangen; jedesmal glückte es mir, durch stundenlanges Durchkämmen des ganzen Wiesenareals das wertvolle Stück wiederzufinden. Später geschah es, dass ich leichtsinnigerweise eine Wette mit mir selber einging, mit dem Messer in einiger Entfernung, ein tiefes Splitterloch im Stamm der Eiche zu treffen. Es gelang mir leider auf den ersten Wurf, aber das Messer war vom Baum verschluckt; alle meine Versuche, mit verschiedenen Mitteln das geliebte Messer heraus zu kriegen scheiterten kläglich. Es war ein trauriger Tag, den endgültigen Verlust meines wertvollsten Gefährten zugeben zu müssen.

***Ferdy Dumont vun Elleng, Joergank 1932, an der Vakanz zu Conter***

* Lëtzebuerger Dixionär: Die Knaben sitzen im Kreise auf der Erde, meist auf glattem Sand- oder Lehmboden, und versuchen ein Taschenmesser auf mannigfache Art und Weise so gut zu werfen, dass es mit der Spitze im Boden stecken bleibt, und zwar so, dass das Heftende mindestens zwei Finger breit über der Erdoberfläche ragt ; jede der phantasievollen Wurfarten wird dreimal versucht, beim ersten Wurf wird „bi", beim zweiten „ba", beim dritten „bitz" gerufen ; derjenige, dessen Messer nicht oder nicht regelrecht im Boden stecken bleibt, gibt es dem nächsten Spieler weiter ; so geht es reihum. Der Sieger kann einen Holzspan von etwa 5 cm in die Erde einhauen, den der Verlierer mit dem Munde herausziehen muss (Syn. : Messerkrich)

Sonndes no der Vesper: de Ferdy a seng zwee Bridder Theo a Francy hunn eng Schleider am Bësch fonnt





D'Equipe vum Jangeli

Oflenkunge goufen et och genuch, wann, am Wéngert oder am Bongert gehollef gouf.

# Huet eise Jangeli um Scheierbierg gepaff...

De Wéngert „Ënnert den Eechen“ gouf vum Zuch an zwee gedeelt: ënnert der Bunn an iwwert der Bunn. Huet eise Jangeli um Scheierbierg gepaff, si mir Kanner deene Leit, déi dra sutzen, wénke gaangen. Steng hu mir op d'Schinne geluet a gespaant gewoart, wat elo geschéie kënnt.

Fir erof koum hie geblëtzt, mä fir erop, et hätt ee kënnten derniewent goen. Hien huet gekäicht a gekrasch: „Ech packen et net, ech packen et net!“ Soubal do uewen, huet hie gesong: „Ech hunn et gepackt“, an sech huerteg duerch de Welleschter Bësch gemat. No bal zwou Stonne koum en an der Stad un.

Am Wéngert ënnert der Bunn woar eng Wiss derlaanscht. Eng kleng Baach ass derduerch gelaf. D'Heedbaach ass do entsprong. Bei waarmem Wieder hu mir dra gepuddelt a plätschnaass eis amuséiert.



Kiischten, Mirabellen, Prommen... : d' Uebst huet de Kanner am beschte geschmaacht, wann et fräsch vum Bam gepléckt war.

Net wäit vum Wéngert woar e grousse Kiischtebongert. D'Kiischte woaren extra déck an zockerséiss an d'Beem hunge struppvoll. De Bongert huet dem Jeanny senger Famill gehéiert. Hatt war a mengem Alter an heiansdo hu mir de ganze Mëtteg an de Beem gehaangen.

Mir hu gezielt: Wie kritt déi meeschten an enger Kéier an de Mond, deen huet gewonn. 30 Stéck, dat woaren der vill. Wat ass mat de Steng geschitt? Ech weess et net! Jiddefalls ass dach bekannt: D'Kiischtenzäit ass déi frommsten Zäit. Et ësst ee Kiischten an et sch… ee Rousekränz!

***Andrée Hansen-Rhein vu Bous, Joergank 1932, erzielt vun hirer Kandheet zu Réimech***



Den Direkter vun der Wäibaustatioun war mat senger Famill ëmgesidelt ginn. Nom Krich koumen si zréck. Fir d'Rolly, hir jéngst Meedchen (an der Mëtt mam schwaarze Rack), ze begréissen, woare mir op de Kaffiskränzchen agelueden.
Mir hu flott Spiller gemaach an eis d'Puddingsaachtercher, d'gefëllte Streisel an eng Schësselchen Uebstzalot gutt schmaache gelooss.
*Andrée Hansen-Rhein (hënnescht Rei, dat 6. vu riets)*

D'Veräinsliewen, och fir d'Kanner, koum nom Krich erëm lues a lues op.

# D'Déifferdenger Scouten

Knapps woren am September 1944 d'Preisen iwwer all Bierger, du sinn och erëm déi fréier Scoute waakreg ginn. Vill vun hinne woren nach fort, am Prisong, am Kazett, an de beschte vun hinnen, den Ady Claude wor 1942 als éischte Lëtzebuerger vun de Preisen higeriicht ginn.

Grad wéi virum Krich goufen et erëm zwou verschidde Scoutsformatiounen: d'FNEL (Fédération nationale des éclaireurs luxembourgeois) an d'LS (Lëtzebuerger Scouten), och „dem Paschtouer seng" genannt. Ech als fromme Jong wor bei deenen.

Wéi glécklech waren déi, déi scho virum Krich derbäi waren an dofir schonn eng Uniform haten. All déi aner hu versicht, wéinstens e bloe Foulard ze fannen oder e Scoutsrimm. No an no koum awer jiddwereen zu enger Uniform.

Mär haten eng ganz grouss Trupp. Mat de Wëllefcher, de Scouten an de Rover dee gréisste Veräin aus Déifferdeng. An den éischte Wochen a Méint no der Liberatioun wor eis Haaptbeschäftegung d'Participatioun un deenen onzielege patriotesche Manifestatiounen. Eis Trupp Sainte Barbe hat mat eise Rover eng fantastesch Clairons- an Trommelsequipe an et wor e Genoss, mat hinnen ze marschéieren.

Am Wanter 1944-45 ass et awer eescht ginn: Vun der Rundstedtoffensiv verjoten Éisleker sinn an de Minett komm an eng nobel Missioun vun de Scoute war fir hinnen ze hëllefen. Mat Weenercher si mer Kleeder sammele gaangen, mer hu gehollef si iergendwéi ënnerdaach ze kréien an eist Scoutshome war de ganze Wanter mat Flüchtlinge beluegt. Mer hunn am Opdrag vun der Déifferdenger Gemeng d'Heizung am Veräinshaus gemaach, gebotzt a reparéiert.

Déi Déifferdenger Scouten 1946




Am Mee 1945, am Enn vum Krich wéi eis Éisleker Matbierger no a no erëm an hir devastéiert Heemecht konnte goen a wéi vill vun eise fréiere Scoutscheffen erëm doheem waren, konnte mer eis ëm eis selwer bekëmmeren, d.h. e richtegt Scoutsliewen ufänken.

Déi Déifferdenger Trupp, eng vun de gréissten aus dem Land, war folgendermoossen organiséiert: E Sectiounsrot aus 14 Erwuessener, eng Amicale vun den ale Scoute mat 10 Memberen, dann de Roverclan mat 15 Rover am Alter vun 16 bis 20 Joer, dann d'Scoutstrupp mat 35 Jongen am Alter vun 9-16 Joer. Dës Trupp war opgedeelt a 4 Patrullen zu jee 8 Bouwe mat folgenden Nimm: d'Beien, d'Féchs, d'Réi an d'Schmuebelen, wou ech d'Éier hat Patrullechef ze sinn. Dann hate mer nach eng Meute vun de Wëllefcher vu 27 Béiwercher opgedeelt an déi vum 1. Stär, dann d'Jong-Wëllef an d'Zaartféiss. Am Ganzen 107 Memberen, eng erstaunlech héich Zuel.

Am Veräinshaus zu Déifferdeng hat all Grupp seng eege Raimlechkeet. D'Scouten, als gréisste Grupp, haten hire Raum a 4 Patrullenecker opgedeelt a mär haten eemol an der Woch eng Reunioun, wou de Programm vum Patrullechef bestëmmt gouf, alles natierlech ënner Kontroll vum Scoutschef. Mer hunn d'Scoutstheorie gemat, wou déi éischt Regel déi vun der deeglecher BA (Bonne action) war. 't ass net vill dervu geschwat ginn, mä et war fir all Scout eng Éiereflicht. Mir hunn eng Onmass Lidder geléiert a gesongen, datt et eng Freed war. Da si mer op de Bierg oder an de Bësch gaangen an hunn d'Liewen an der Natur observéiert. Mer hunn Scoutskniet geléiert, d'Morsezeechen an éischt Hëllef. Mer hunn eis Iewen aus Steng gebaut, wou mer och versicht hunn ze kachen. Fir all Aktivitéit, déi ee beherrscht huet, konnt een e Badge (Diplom) maachen, deen een da stolz op seng Uniform gebitzt huet.

Dann den éischte Camping, en Evenement an all Bouweliewen. Wäit ewech vu Mamm a Papp am Zelt schlofen, egal op et gereent huet oder net. Selwer Kachen a Spullen, de Camp an Uerdnung halen an immens flott Spiller maachen. Vill an der fräier Natur marschéieren a sangen a sprangen, Häerz wat begiers de. E Jong, dee kee Camp vu mindestens 7 Deeg matgemaach huet, ass keen.

Ech hat dann och nach d'Chance, um „Jamboree de la Paix" 1947 zu Moisson (30 km hannert Paräis) deelzehuelen. Do waren 30.000 Scouten aus der ganzer

Welt an engem Risecamp während zwou Wochen zesummen. Ech hu vun do eng sëllege Souveniren, déi ech ni wäert vergiessen.

Am Joer 1948 war zu Bouneweg den Nationale Jamboree, wou ech en éisträichesche Scout kennegeléiert hunn, mat deem ech nach haut an enkem Kontakt sinn. All déi Jongen, déi mat mär bei de Scoute waren an déi nach liewen, zielen zu mengem Fréndeskrees, d'Devis vun de Scouten : „Eemol Scout, ëmmer Scout" zielt nach ëmmer fir mech.

***John Weber vun Zolwer, Joergank 1930, erzielt vu senger Kandheet zu Déifferdeng***



De John Weber als Scoutsmaster vum Déifferdenger Trupp um Jamboree 1948 zu Bouneweg









Déi Réimecher Scouten



Eng Vakanz am Ausland hunn déi mannste Kanner an de 40er Joren erlieft. Fir esou e Luxus hunn d'Sue meeschtens gefeelt. Kleng Ausflich, meeschtens just vun engem Dag, waren dofir ganz speziell an nach laang duerno ass doriwwer geschwat ginn.

Sonndes war en Dag fir d'Famill. D'Nicole Collart erënnert sech u schéin, awer och manner flott Momenter op hire Familljenausflich.

# D'Sonndegen mat der Famill

Sonndes sinn ech mat mengen Elteren op de Waldhaff an de Bësch spadséiere gaang. Do war d'„Maus", do krut een eng Rise-Kéiseschmier, wäisse Kéis mat Gebeess drop, awer och mat Kachkéis, dat war dann e Fest.

Mir sinn och mam Jangeli op Mondorf gefuer, an dann iwwert d'Grenz, laanscht d'Douaneshaischen, bei de Gerson Schleeken iessen.

Am Summer si mir dacks sonndes mam Zuch op Kautebaach gefuer. Mir sinn dann zu Fouss vu Méchela op Schlënnermanescht gaang, dat war schrecklech wäit an duerfir ginn ech haut guer net méi gär zu Fouss.



Um Sonndesausfluch



Op der Terrass vum Pôle Nord, 1947

Et war och op der Gare de Moud, sonndes mueres bei de „Freylinger" den Aperitiv drénken ze goen. Dat war e ganz distinguéierte Café um Eck vun der Neier Avenue an der Rue Origer, wou d'Dokteren, d'Apdikter asw. sech Rendez-vous ginn hunn. No der Mass hu meng Eltere mech emol matgeholl dohin. Ech war awer e schrecklech scheit Kand an ech hu gefaart, fir deenen Hären d'Hand ze ginn. Dann huet mäi Papp gesot: „Nicole, ech muss mech jo denger schummen." Hien hat sech virgeholl, mir dat auszedreiwen, wat him och mat der Zäit gelongen ass.

Spéider hunn ons Elteren ons och sonndes nomëttes matgeholl an de Walsheim oder de Pôle Nord danzen. Dat war den Thé dansant.

***Nicole Collart vum Bridel, Joergank 1934, erzielt vun hirer Kandheet an der Stad***

De Sonndeg, 26. August 1946, goufen déi stierflech Iwwerreschter vum Jang de Blannen op Lëtzebuerg iwwerféiert. D'Kanner stungen um Rand vun der Strooss ze kucken.

# De Jang de Blannen kënnt heem

D' Stroosse woare voller Leit. Mir Kanner stonge virun der Schoul an der Enzegaass. De Prënz Felix mat senger Escorte woar scho laanscht gefuer. Op der Bréck, zesumme mat héije franséischen Offizéier an den Notabilitéite vu Réimech an den Nopeschgemengen, hunn se de Cortège erwoart: haut no 600 Joer gëtt dem Jang de Blannen säi leschte Wonsch erfëllt, e kënnt vu Kastel (Saar), wou e begruewe woar, fir zu Lëtzeburg, senger Heemecht, seng leschte Rou ze fannen.

De Krich ass eriwwer an d'Saar a franséischer Hand. Déi franséisch Autoritéiten hu gréng Luucht ginn, fir d'Iwwerféierung vun de stierflechen Iwwereschter vum Grof vu Lëtzebuerg. Zwielef Zaldoten aus eiser Arméi droen ofwiesselnd d'Lued, bedeckt mam rout-wäiss-bloe Fändel iwwer déi provisoresch Bréck.

„Elo kommen se!" D'Bréck erof kënnt de Cortège. Se fueren d'Enzegaass erop, weider duerch d'Rue de la Gare. Iwwerall sti Leit an de Stroossen. Virun der Kierch stëmmt de Gesang d'Heemecht un. Iwwert d'Koppstrooss geet et weider Richtung Stad. Do ass de groussen Empfang um Knuedler. No de Feierlechkeeten ass d'Beisetzung an der Krypta. De Grof vu Lëtzebuerg ass doheem.

***Simone Bonenberger vu Réimech, Joergank 1938***

Wéi de Professer Koenig, „Siggy" genannt, als Member vun der Kommissioun zu Kastel an de Sarkophag gekuckt huet, huet e confirméiert : „ 't ass en"









De Jang de Blannen, gebuer 1296, woar de Fils vum Grof Heinrich VII. Hien hat sech 1310 mat der Elisabeth vu Béimen bestuet an ass esou Kinneck vu Béime ginn. Awer ëmmer nees ass en zréck op Lëtzebuerg komm. 1340 huet en an der Stad e Jormaart ageféiert, aus deem am Laf vun der Zäit d'Schueberfouer entstan ass.
De Sarg ass op enger Lafette gefouert ginn, encadréiert vu lëtzebuerger a franséische Militärgefierer.
D'Iwwerféierung 1946 ass mam Ufank vun der Fouer zesummegefall, déi am Krich ausgefall war, an ass esou zu engem Héichpunkt vun der patriotescher Stëmmung ginn.

**Fir e puer Deeg vun doheem erauszekommen, si vill Kanner bei hir Famill an d'Vakanz gaangen. An de Grousselteren hirer Bäckerei gouf et fir d'Nicole Wolfers vill Attraktiounen.**

# Zu Diddeleng um Bäckeschtour

Ech erënnere mech nach gär, wéi mir mam Zuch an d'Éislek op Esch/Sauer gefuer sinn. Do si mer 2 oder 3 Deeg bliwwen a waren esouguer an engem Hotel. Duerch d'Fotoen weess ech och, datt mer an der Sauer geschwomme sinn.

Mir sinn och zu Dikrech zu Fouss bei den Däiwelselter gaangen an och alt zu Fouss bis op d'Buerschtermillen getrëppelt. Da ware mer awer doudmidd a mir hu gekuckt, fir e Bus oder en Zuch ze kréie fir erëm heem.

Meng Vakanzen hunn ech zu Diddeleng bei menger Groussmamm verbruecht, wou si eng Bäckerei haten. Fir mech war dat eng immens Freed, fir am Auto mat op den Tour ze fueren. Mueres, wann d'Brout nach waarm war, ass alles an déi grouss Kierf getesselt ginn, een- an zweepënnegt Brout, Mëtschen, Waasserbréidercher, Mëllechbréidercher an da gung et op den Tour. Dee flottsten Tour war fir mech de „Quartier Italien" zu Diddeleng. Ech souz hannen am Auto an da si mir bei d'Leit mat den Tute mam Brout, de Bréidercher a Kichelcher opgaangen.



D'Nicole Jung-Wolfers mat hire Spillkomeroden

Herno hunn ech d'Leit all kannt. Dat war fir mech super. Ech krut och eng Posch fir ëmzehänken, fir d'Suen. Wann ech emol en Honnerter krut, wat jo vill Geld war, hunn ech misse bei mäi Monni goen, fir Mënz ze kréien.

Owes huet meng Boma oder meng Tatta mech matgeholl an d'Uucht bei d'Noperen. Et ware meeschtens Dammen, déi eleng waren. Et ass iwwer dat geschwat ginn, wat an der Noperschaft geschitt ass. Ech souz bei der Fënster an hunn erausgekuckt. Ech hunn do déi ganz Noperschaft gutt kannt, hiren Numm a wat se geschafft hunn.

Mäi Bopa Bäcker luch zwee Joer gelähmt am Bett doheem an ass vun senger Fra a sengem Meedchen (meng Tatta Jetti, déi net bestuet war an doheem gewunnt huet) versuergt ginn.

Hien ass gestuerwen, wéi ech an der Vakanz war. Hie war zwee Deeg doheem opgeboort. Ech si ganz séier laanscht dat Zëmmer gelaf. Et war mäin éischten Doudegen, deen ech gesinn hunn. Ech hu gefaart.

***Nicole Jung-Wolfers vun Dikrech, Joergank 1939, an der Vakanz bei hire Grousselteren zu Diddeleng***




Am Krich stung virum Hotel Alfa op der Stater Gare e groussen Ecran. Hei ass samschdes owes den Décken an den Dënne gewise ginn. D'Leit stungen um Trottoir, mam Réck zu der Gare an hunn de Film gekuckt. Mäi Papp huet mech e puermol matgeholl. Wann dann awer deen Dënnen ës vun deem Décke kritt huet, hunn ech ugefaangen ze kräischen. Deen Dënnen huet mir ëmmer esou Leed gedon. „Ech huelen dech net méi mat", huet mäi Papp sech geiergert.
*Huguette Eyschen-Wagener*

**De Ferdy Dumont huet vill Vakanzen um Bauerenhaff verbruecht. Obschonn hien d'Kéi huet missen hidden, war et fir dee Stater Jong eng flott Ofwiesselung an hie war ganz stolz op seng Roll.**

# Ferien auf dem Bauernhof

Ein Herrenbauer, Familienfreund Ady Reuter aus Contern, unser alljährlicher Kartoffellieferant und Feuerversicherungsagent, von mächtiger Gestalt, rotbäckig, Kraft, Ruhe und Güte ausstrahlend, sagte im Sommer 1943 nebenbei im Gespräch zu meinem Vater, sie könnten auf dem Hof gut einen kleinen Jungen wie mich als Kuhhüter gebrauchen. Ich spitzte die Ohren als ich die gute Gelegenheit erkannte, „richtige Ferien" auf einem Bauernhofe, fern des alltäglichen Elternhauses, zu erleben; ich sagte auf der Stelle zu, dieses Amt zu übernehmen. Nie hatte ich erhofft, die Möglichkeit individuelle Ferienerlebnisse zu haben, so wie es meinem Schulkameraden Burmesch Jangel gegönnt war, der in der Schweiz bei seinem Onkel traumhafte Ferien verbringen durfte.



E gudden Hierdejong hat natierlech och eng Päif

Schon am folgenden Tag packte meine Mutter ein Bündel mit meinen Sonntagskleidern, mein großer Bruder nahm mich per Huckestange auf sein Fahrrad und ab ging es in die neue Welt eines bescheidenen, kleinen Bauerndorfes.

Am gleichen Nachmittag begann meine Lehre. Die Hofmeisterin begleitete mich hinter der Kuhherde zum Dorf hinunter. Am Dorfende bog die Herde ohne Kommando, wie selbstverständlich, nach rechts in die „Heenert" ein. Ich war sprachlos: die gescheiten Kühe wussten den Weg, ich nicht!

Auf der Weide „Auf Uutsched" wurde ich in die Pflichten des Hütens in den Grenzen des 150 x 150 Meter großen Feldes eingewiesen und ermahnt, dass keinem Wiesennachbar auch nur ein Grashalm von seinem Grummet abzuweiden sei.



Moies op d'Weed an owes erëm heem: d'Kéi hunn de Wee gutt kannt

Das schien mit so zahmen und intelligenten Tieren wirklich eine unkomplizierte Aufgabe. Das mitgebrachte Doppelbrot vom 5-pfündigen Weißbrotlaib mit Butter und Marmelade (zu Hause gab es fast nur Margarine und Schwarzbrot) ließ ich mir gut munden. Bei der Abendglocke, um halbacht, durfte ich die folgsame Herde problemlos zusammentreiben, um den Heimweg anzutreten.

Am folgenden Tag war ich bereits selbstständiger, freier Hirt, Gebieter über die – mit 11 Exemplaren – zweitgrößte Kuhherde des Dorfes, Alleinherrscher auf weiter Flur, von morgens 8 bis halb 12, wenn es zu Mittag läutete. Bald bekannt als *„Kierzen hire Kéijong"*.

Mein Hirtenauftag gestaltete sich allerdings wegen der schönen, warmen Sommertage immer schwieriger. Schon waren mehrere Male durch meine Unaufmerksamkeit Grenzübertritte ins saftige Nachbargehege geschehen. Wie sollte ich diesem frechen Drang Herr werden? Mit Schreien und Stockhieben erreichte ich immer weniger. Jagte ich eines der Tiere zurück, wagten sich drei freche vor, zertrampelten und fraßen des Nachbarn Gut, für sie ein Garten Eden. Elf dominierende Kühe spotteten des kleinen Bengels. Welch schändliche Niederlage, welch arger Frust.

In Sorge schaute ich dem Tag entgegen, wo der Eigentümer den Schaden bemerken würde. Als der hagere Mertensjang eines Morgens mit der Sense auftauchte, um den Grummet loszumähen, was unnötig geworden war, weil nichts mehr los zu mähen war, meinte er nur vorwurfsvoll, aber auch mit einem gewissen Verständnis: „Hier wurde nicht zum besten aufgepasst!" Er beklagte sich glücklicherweise nicht bei meinem Brotherrn. Mein Ehrgeiz ein vortrefflicher

Kuhjunge zu sein, hatte aber einen argen Dämpfer erhalten.

Es gab glücklicherweise auch Angenehmeres. Mein normaler Tagesablauf: 7Uhr15 aufstehen, Morgentoilette am schwarzen Ölschieferspülstein in der Küche, halb acht Morgenkaffee, 8 Uhr Abgang mit der Herde, halb zwölf Heimkehr, Mittagessen (jeden Tag dasselbe gute Menu: Hamebrittsuppe mit Vermicelle- und Eieinlage, gekochter Schinken, gekochte Kartoffeln mit ausgelassener Specksauce und Grieben, Salat evt. mit Tomaten, Hausmacher Viz). Nach dem Essen, wenn die Leute eine Stunde Mittagsruhe hatten und das Dorf eingeschlafen schien, begann mein Nachtischmenu im großen Obstgarten. Mich wunderte vom ersten Tag an, dass niemand, nicht einmal die Kinder im Dorfe, Lust auf die leckeren Obstsorten hatten. Ich aber ergötzte mich an den nacheinander reifenden Früchten wie Kirschen, frühen Pflaumen, Reineclauden, Mirabellen, Äpfel, Birnen und Zwetschgen. Nur ein Bäumchen mit Aprikosen war im Garten Eden tabu; diese seltenen Früchte waren für Genesende reserviert.



Eng kleng Rascht am Bongert nom Mëttegiessen

Nachmittags, bei gutem Wetter, ging es zur Kornmahd: Roggen, Weizen, Hafer und Gerste. Dabei half ich die Pferde am schweren Mähbinder mit einer Rute anzutreiben, die fertig gebundenen Garben aus dem Wege zu schaffen und sie auf Haufen zu fünf oder neun Garben zu stellen. Dabei galt es, nicht in die verdammten Disteln zu greifen. Ein paar Mal zog ich mit Dorfbewohnern zum obligaten Kartoffelkäfersammeln auf die „Heed“. Jeweils wurde ich nach 4 Uhr nach Hause geschickt; mit einer großen Weißbrotstulle versehen zog ich anschließend mit den Kühen bis zur Abendglocke um halb acht auf die Weide. Sonntags wurden die Kühe in die eingezäunte Wiese „auf Prousswénkel“ getrieben. Damit war ich von der Arbeit des Kühehütens befreit und hatte einen freien Tag.

Die ersten Wochen hatte ich doch auch ein wenig Heimweh. Für mein Schwesterchen pflückte ich am oberen Dorfende an einem über eine Gartenmauer lugenden Baume goldgelbe Birnen. Dabei dachte ich an das Gedicht von Theodor Fontane über den guten Herrn von Ribbeck auf Ribbeck im Havelland (... ein Birnbaum in seinem Garten stand...). Bis mein Bruder mich einmal besuchte, waren die überreifen Birnen leider halb verdorben.

Als ich nach den Ferien nach Hause zurückkehrte, staunte man nicht wenig über meine rundlichen Backen.

Als im folgenden Jahr der freundliche Herrenbauer mich wieder ansprach, und mir mitteilte, dass mit dem neu erworbenen Hund das Hüten viel leichter sei, vergaß ich meine Bedenken und sagte wieder gerne zu. Ich wurde kurz angewiesen, wie die drei Monate alte Welpe zu dressieren sei: „Bobby, hannert de Mann!“ Die ersten Wochen konnte ich nur staunen, welch schnellen Fortschritte Bobby machte. Wenn das ersehnte kurze Kommando von seinem Meister kam: „Bobby, vir erlaanscht!“ drängte er pfeilschnell die Kühe in die richtige Richtung. Den Hund hatte ich dressiert, die Herde gezähmt!



De Bobby stung dem Ferdy trei zur Säit

Ich war mir sicher, dass es keinen besseren Hirtenhund weit und breit geben könnte. Lob war nicht mehr nötig; mit ihm spielen, ihm ein Stück des Butterbrotes oder von Zwetschgen abgeben und die Aufforderung, eine Maus auszugraben, die er schmatzend vertilgte, bedeuteten ihm mehr. Er war mittelgroß, mit kurzem, schwarzen Fell, mit weißem Brustfleck und weißen Pfoten, kurzer Schwanz, ein ganz gewöhnlicher, menschenfreundlicher Köter.

So verbrachte ich während sieben Jahren den größten Teil meiner Ferien auf dem Bauernhof, eine lehrreiche Zeit, die mir ein Leben lang in bester Erinnerung geblieben ist.

***Ferdy Dumont vun Elleng, Joergank 1932, an der Vakanz zu Conter***